



(Interruptions)

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Et sinn der zwee, déi net gaange sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ass e Problem mat der Ofstëmmung?

(Brouhaha)

Also, ech kann de Vott widderhuelen, dat ass guer kee Problem!

► **Une voix**.- Da probéiere mer nach eng Kéier.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann d'Chamber dat wëllt, widderhuelen ech...

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Et ass erstaunlech, wéi Dir lech hei iwwert d'Gesetzer einfach esou ewechsetzt...

(Protestations et interruptions)

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Tableau de synthèse!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, fir dass alles kloer ass, géif ech proposéieren, mir widderhuelen!

► **Plusieurs voix**.- Neen!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mä lauschtert, lauschtert! Lauschtert, wann ech vun Deputéierte matgedeelt kréien, dass d'Ofstëmmung bei hinnen net geklappt huet, muss ech dat zur Kenntnis huelen! An déi Deputéiert waren am Sall, déi waren net dobaussen.

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Wien ass dat dann? Wou huet et net geklappt?

(Interruption par M. Michel Wolter)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wat gelift?

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Da maache mer dat an Zukunft och!

(Brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, Kollegen, et sinn déiselwecht Leit heibanne wéi virdrun. Mir hunn e Problem mat dem Affichage. Also, wou ass de Problem, wa mer de Vott widderhuelen?

(Brouhaha)

Ech géif proposéieren, mir widderhuelen de Vott. Kënne mer de Vott lancéieren?

(Assentiment)

Voilà, de Vott ass lancéiert.

(Brouhaha général)

An ech ginn dovun aus, dass de Vott ofgeschloss ass.

(Brouhaha et interruptions diverses)

Also, wësst Der, Här Wolter, Dir musst lech eens ginn, ob Der um Vott deelhueelt oder net. Dir hutt gesot, Dir géift net um Vott deelhue-len.

(Interruption)

Dir hutt gesot, Dir géift net um Vott deelhue-len.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Hei ass kee Bild komm!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wëllt Der dann nach eng Kéier ofstëmmen?

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Dir stëmmt esou oft, bis Der eng Majoritéit hutt, Här President!

(Exclamations et interruption par M. Michel Wolter)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also éierlech! Ech wëll lech just soen, dass op alle Bänke bis elo, wann e Problem mat der Ofstëmmung hei am Haus war an et huet e Kolleeg sech gemellt, dass mer dat ëmmer guttgehalen hunn!

(Protestations)

Wann dat an Zukunft...

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Awer net en neie Vott!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann dat an Zukunft net méi sollt de Fall sinn, da maache mer dat awer an alle Situatiounen! Hei huet e Kolleeg sech gemellt, dass seng Mäschinn net gaangen ass,...

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Ech ka mech net erënneren, Här President, datt mer eng Kéier en neie Vott gemaach hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wat gelift?

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Mir hunn heiansdo Rektifikatiounen gemaach, mä mir hunn awer nach net en neie Vott gemaach!

Doru kann ech mech net erënneren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, ech hat lech d'Rektifikatioun proposéiert...

(Protestations)

Ech hat lech d'Rektifikatioun...

(Interruptions diverses)

Wat gelift?

► **Une voix**.- E Vott!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ma neen, ech hunn lech fir d'Éischt eng Rektifikatioun proposéiert an do hat Der Problemer!

► **Plusieurs voix**.- Nee, nee, nee!

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir kënnen dat nolauschteren!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Huelt d'Rektifikatioun un! Huelt d'Rektifikatioun un, déi gemaach ginn ass mëndlech, an da si mer fäerdeg!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà!

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Voilà, okay! Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà, voilà! Da si mer an deem Zeenario, wou mer bis elo ëmmer waren.

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ass d'Chamber do dermat d'accord, dass mer déi Rectification de vote unhuelen?

(Assentiment)

Ma voilà, firwat dann net direkt esou? Merci villmools.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wéi ass elo d'Resultat?

(Brouhaha)

► **Une voix**.- 29!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, et war 30, dann ass et 31.

(Interruptions et protestations)

► **Une voix**.- Nee, nee, nee!

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Et ka jo net sinn, si rechne sech permanent Stëmmen derbäi!

(Hilarité et brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir hunn e Resultat vun 31 zu 29.

(Brouhaha)

► **Une voix**.- Jo, dat stëmmt. Net 32.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! Da soen ech Merci. Dat war elo e bësse méi problematesch.

Résultat définitif après redressement: la résolution concernant les comptes de l'exercice 2014 du Médiateur est adoptée par 31 voix pour et 29 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

M. Alexander Krieps;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- D'Majoritéit gëtt zwar ëmmer méi enk, stellen ech fest!

(Exclamations)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, mir kënnen dann elo zu där nächster Ofstëmmung iwwergoen. An dat ass d'Ofstëmmung iwwert de Budget fir d'Joer 2016. Dat ass de Projet de loi 6900.

5. 6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);

3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;

6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;

9) le Code de la sécurité sociale;

10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques (suite)

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019 (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6900

Ech géif d'Ofstëmmung lancéieren.

► **Une voix**.- Keen Amendement, Här President? Ass keen Amendement do?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, mir sinn net mat Amendementen an net mat Motioune saiséiert.

(Brouhaha et interruptions diverses)

Also, ech wëll lech just soen, Här Wolter, mir kënnen dat Spill do roueg weiderféieren! Mir kënnen dat Spill wierklech weiderféieren, wann Der dat wëllt! Hei si mer net mat Motiounen a mer sinn net mat Amendementen saiséiert! Dat ass eng Feststellung! Dat ass kee Kommentar!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Här President, mir waren am Vott!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Dach!

► **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Mir hunn dach schonn ofgestëmmt!

► **Une voix**.- Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo... De Vott ass ofgeschloss!

(Hilarité générale)

De Vott ass ofgeschloss an de Budget fir d'Joer 2016 ass ugeholl mat 32 Jo-Stëmmen an 28 Nee-Stëmmen.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Très juste, très juste!

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An da gi mer iwwer zu dem Projet 6901, d'pluriannuel Finanzplanung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6901

An do ass de Vott elo direkt lancéiert. An en ass schonn ofgeschloss.

Datselwecht Resultat: 32-mol Jo an 28-mol Nee.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Dispenses du second vote constitutionnel des projets de loi 6900 et 6901

An ech géif dann d'Fro stellen, no deenen zwee Votten zu deenen zwee Projeten, ob d'Chamber d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

► **Plusieurs voix**.- Neen!

► **D'autres voix**.- Jo!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Der wëllt, mir kënnen och nach eng Kéier ofstëmmen. Ech ginn awer dovun aus, dass dat de Fall ass, an ech huelen dann zur Kenntnis, dass d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott gëtt.

6. Ordre du jour

Bon, mir si bei deem urspréngleche Programm vun de Moien ukomm. Ech géif awer proposéieren, dass mer mat eisem Ordre du jour viru-fueren. A wann d'Chamber do dermat d'accord ass, géife mer direkt zu deem Vott iwwergoen, iwwert dee mer gëschter geschwat hunn: de Vote rectificatif iwwert de Projet de loi 6718, eng Direktiv iwwert d'Kontabilitéit an deene klengen Entreprises.

(Assentiment)

Gëschter hate mer matgedeelt, dass sech eng Rei vu materiellen Iertümer an deem Text ageschlach haten, dee mer den 9. Dezember gestëmmt haten. Dës Ännerunge sinn dem Statsrot matgedeelt ginn a sinn an dem Rapport complémentaire, dee gëschter unanime vun der Commission juridique ugeholl ginn ass, enthalen. Mir hu gëschter decidéiert zesummen, dass mer dat ouni Debatt géife maachen, also och ouni Stellungnam vun der Regierung.

7. 6718 - Projet de loi modifiant, en vue de la transposition de la directive 2013/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013



relative aux états financiers annuels, aux états financiers consolidés et aux rapports y afférents de certaines formes d'entreprises, modifiant la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil:

1) la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

3) le titre II du livre I^{er} du Code de commerce (suite)

Fir da korrekt ze sinn, misste mer en éischte Vott maachen, fir de Vott vum 9. Dezember ze annulléieren. Ech géif also dee Vott maachen, à moins dass de Rapporteur wëllt e Wuert soen? Här Rapporteur!

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Här President, ech géif gäre just e puer Wuert soen, bon, zu dëser éischter ongewéinlecher Virgoensart a -weis. Et waren effektiv eng Partie Erreur-matériellen an deem Projet, dee mer d'lescht Woch gestëmmt hunn. Dat ass an éischter Linn dem Rapporteur seng Responsabilitéit. An ech géif mech gär dofir bei der Chamber entschëllegen, dass mer haut nach eng Kéier mussen doriwwer ofstëmmen. Mir hunn dat entre-temps korrigéiert. Mir hunn e Rapport complémentaire gemaach an iwwert dee misste mer dann haut nach eng Kéier ofstëmmen. Mä nach eng Kéier meng Excusen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Bleift et dobäi, dass mer dat kënnen ouni Diskussioun maachen?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

Vote sur l'annulation du premier vote constitutionnel du 9 décembre 2015 sur le projet de loi 6718

A mir géifen de Vott lancéieren, fir deem éischte Vott ze annulléieren. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Vott ass unanime: 60 Stëmme fir d'Annulatioun. Merci.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech géif dann direkt zu deem nächste Vott iwwergoen, dat heescht iwwert dee rektifizéierten Text, fir dee mer och de Go vum Statsrot kritt hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6718 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung wann ech gelift lancéieren! Dat ass de Fall. D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Och hei hu mer Unanimitéit.

Résultat: le projet de loi 6718 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-

lix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech wollt d'Chamber dann nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6847, e Projet, dee sech ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert de Fiskalregimm vun de Mammegesellschaften an hire Filialen dréit. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger.

8. 6847 - Projet de loi du (...) portant transposition

- de la directive 2014/86/UE du Conseil du 8 juillet 2014 modifiant la directive 2011/96/UE concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d'États membres différents;

- de la directive 2015/121/UE du Conseil du 27 janvier 2015 modifiant la directive 2011/96/UE concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d'États membres différents;

portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 („Abgabenordnung“);

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, an deem Projet de loi geet et drëms, direkt zwou europäesch Direktiven an eist nationaalt Recht ze transposéieren. Et handelt sech ëm d'Direktiven 2014/86/UE an 2015/121/UE, déi alle béid d'Direktiv vun 2011, d'Nummer 2011/96/UE, modifizéieren.

An anere Wierder, et geet drëms, eis Steuerlandschaft un den europäesche Kader unzepassen, an dat méi genau, wat d'Relatiounen tëschent engem Mammenhaus a senge Filialen ugeet. De virleiende Gesetzestext gesäit awer och nach e puer aner steuerlech Dispositiounen, op déi ech nach méi am Detail agoe wäert.

De Gesetzesprojekt gouf de 5. August 2015 vum Finanzminister deponéiert. An d'Chambre des Salariés huet hiren Avis de 15. Oktober dëst Joer finaliséiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 22. Oktober ugehall. An den Avis vum Statsrot ass den 10. Dezember ugehall ginn. De schrëftleche Rapport gouf an der Chamber an der Cofibu de 14. Dezember 2015 gestëmmt.

Här President, fir d'Éischt sinn et zwou Direktiven, déi ëmgasat ginn. Fir eng duebel Besteuerung ze vermeiden, huet d'Direktiv vun 2011 d'Dividenden an aner Benefisser, déi vun der Filial un d'Mammenhaus ausbezuelt ginn, vun der Retenue à la source exonériert. Dat war och nëmme richteg esou. Well an der Tëschenzäit awer aner komplex Strukturen geschafe goufen, déi sougenannten „instruments financiers hybrides“, kann et ënner bestëmmte Konditiounen am Moment derzou kommen, dass eng duebel „Net“-Besteuerung optrëtt.

An deem Kontext huet d'Direktiv vun 2014 verschidden Adaptatiounen um Steuerrecht bei de Sociétés mère-fille virgehall. Dunn huet d'Direktiv vun 2015 eng minimal gemeinsam Regel agefouert, déi Fäll vun Abusen ënnerbanne soll. Vu dass d'Memberlänner vun der EU hei zum Deel verschidde Regeln uwenden, gëtt elo eng gemeinsam Basis agefouert, soudass d'Abusen an Zukunft besser verhënnert gi wäerten. Kuerz: Duerch d'Ëmsetze vun den zwou Direktiven vun 2014 an 2015 ginn d'Regelen fir d'Sociétés mère-fille méi kloer. A béid Direktiven mussen virum 1. Januar 2016 an eist nationaalt Recht transposéiert ginn.

Här President, och wann d'Lag vum Aarbechtsmaart sech an de leschte Méint e bëssen erkrëtt huet, si mir nach laang net iwwert de Bierg, wat de Chômage ugeet. Dat internationaalt Ëmfeld bleift onsécher, soudass dës Projet de loi och virgesäit, déi sougenannten „bonification d'impôt pour embauchage de chômeurs“ ëm zwee Joer ze verlängeren, dat heescht bis Enn 2016, also fir d'Joren 2015 an 2016 mat, soudass mer sécherstellen, dass eis Chômeuren net allze laang ouni Schaff bleiwe sollten. Dëst ass also eng Mesure, déi eisem Aarbechtsmaart zeguttkomme wäert.

Da gesäit dës Gesetzestext awer och zwou weider Mesurë vir: Éischtens gëtt de Regimm vun der steuerlecher Integratioun nieft der vertikaler elo och op déi horizontal Integratioun ausgedeeent. Zweetens gëtt de Champ d'application vun de Persounen, déi vun engem „surplus de paiement pour l'impôt dû à la sortie“, der sougenannter „exit tax“ profitéiere kënnen, opgemaach, an dëst natierlech nëmmen ënner verschiddene Konditiounen. Hei geet et ëm Situatiounen, wou eng Entreprise oder hire Sëtz an en anert Land transferéiert gëtt. Dës Sursis gëllt dann och net nëmme fir d'EEE-Staten, mä och wann d'Entreprise an en anert Land verlagert gëtt, mat deem Lëtzebuerg en Duebelbesteuerungssofkommes ënnerschriwwen huet, wou den Artikel 26 vun der OECD-Modellkonventioun drasteet.

Här President, d'Transpositioun vun europäeschen Direktiven ass net ëmmer einfach. Dat, well se heiansdo ganz technesch sinn a well se grouss Effekter op eist Land kënnen hunn. Ech si frou, dass mer hei e Gesetzestext virleien hunn, deem eis Finanzplaz un déi rezentst Entwécklungen upasst an dobäi nach hëlleft, fir de Chômeuren eng Plaz ze verschaffen.

Dat gesot, soen ech dem Finanzminister Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Parlament an ech ginn och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Elvinger. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Mosar.

► **Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëll net op d'Virgeschicht vun deem Projet agoen, dat maachen ech de Mëten am Kontext vun deenen anere Projeten. Et zielt awer hei datselwecht: datt dës Projet, gradesou wéi déi dräi aner, déi mer de Mëtte wäerten diskutéieren, iwwert de Knéi gebrach ginn ass! Dat huet awer näischt mat der Aarbecht vun der Madamm Elvinger ze dinn, déi eng ganz gutt Aarbecht an där ganz kuerz bemossener Zäit gemaach huet, fir hei e komplizierte Projet ze erklären.

Ech kann lech och direkt soen, datt mir eis bei deemem Projet wäerten enthalen, well et u sech drëm geet, an dat huet d'Rapportrice jo och gesot, hei ginn u sech zwou Direktiven ëmgasat, déi Direktiv „mère-fille bis“ an déi Direktiv „mère-fille ter“ - klénkt komplizéiert -, wou mer mat deem éischten Deel iwwerhaupt kee Problem hunn.

Par contre hu mer e Problem mat deem zweeten, an dat ass eppes, wat ech och de Mëtte méi laang wäert développéieren, datt déi Regierung dohinnergeet an u sech ufänkt, net méi d'Direktiven, wéi dat bis elo ëmmer de Fall war, a minima ze transposéieren, mä méi wäit ze goe wéi dat, wat d'Direktiv virgesäit. Dat féiert eis an eng konkurrenzell ganz, ganz schwierig Situatioun, net nëmmen, mä och bei

deem heite Projet, well eis Haaptkonkurrenz, notamment d'Engländer an d'Hollänner, hei bāi Wäitem net esou wäit ginn an der Transpositioun, wéi mir ginn.

Mir fäerten, wéi gesot, datt dat fir d'Finanzplaz an deenen nächste Joren e staarke Klotz wäert ginn, an dofir kënnen mir och deen Text net stëmmen. Mir wäerten eis also dobäi enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Virop e Merci un d'Rapportrice fir hire gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dëser Ëmsetzung, zu deemem Projet de loi, deem effektiv zwou Direktiven ëmsetzt. Als LSAP-Fraktioun kënnen mir dës Projet hei matdroen, an dat haaptsächlech aus zwee Grënn: deem éischte Volet vun deemem Projet betrëfft u sech eng Direktiv, déi sech aschreift an de Kontext vu BEPS, vun der Lutte géint „base erosion and profit shifting“, déi jo och am Zentrum vun deene rezenten Affäre stoungen, déi eist Land jo betraff hunn, haaptsächlech LuxLeaks.

An deem éischte Kontext hei vu BEPS ginn déi sougenannt Produit-hybriden u sech verbueden. Déi Produit-hybriden, dat sinn u sech Instrumenter, déi souwuel Charakteristiken hu vu Kaptial wéi och vun Dette an déi et erméiglecht hunn an der Vergaangenheet, e sougenannten „double dip“ ze maachen. Dat heescht, dat waren u sech Produiten, déi an der Vergaangenheet d'Ëmsetzung an engem Land A vu Revenuen, déi am Land B net besteiert waren, méiglech gemaach hunn. Dat heescht, u sech sinn d'Steieren op där enger Säit net bezuelt ginn a si konnten en plus nach op där anerer Säit ofgesat ginn, wat natierlech en zimlech schockante Virgang ass. An déi Praktik ass mat där Ëmsetzung vun där éischter Direktiv elo net méi méiglech, wat mer natierlech expressément begrëissen.

Deen zweete Volet ass net manner wichteg. Dat ass d'Transpositioun vun der Direktiv 2015/121. An do hu mer u sech d'Aféierung vun enger Clause anti-abus an eis Legislatioun, fir den Usage abusif vun der Direktiv mère-fille u sech onméiglech ze maachen. An déi Clause anti-abus ass jo och diskutéiert ginn am Avis vum Statsrot, haaptsächlech iwwer hire Champ d'application.

Mä mir mengen, dass se an där Form ze begrëissen ass, well et e Renforcement vun der Sécurité juridique an eisem Arsenal fir d'Lutte géint d'Fraude a géint d'Évasion fiscale ass. Et ass en Instrument, wat méi wäit geet wéi dat, wat mer fir de Moment hunn, de Paragraf 6 vum Steueranpassungsgesetz, deem och schonn eng Clause anti-abus huet, déi haaptsächlech utile ass och am Domän vun eiser Effikaspraxis. An u sech hu mer do elo méi en effikass Instrument, wat och erëm eng Kéier ze begrëissen ass.

Schlussendlech begrëisse mer natierlech och als LSAP d'Verlängerung vun der Bonification d'impôt fir d'Ästellung vu Chômeuren bis zum 31. Dezember 2016. Dat ass och eng Mesure, déi och nach am aktuelle Kontext vun der Lutte géint de Chômage hir Wichtigkeet huet.

Voilà, dat gesot, géif ech den Accord gi vun der LSAP zu deemem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. An d'Wuert huet d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, am Numm vun der grénger Fraktioun géife mer gären der Rapportrice Merci soe fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport an onsen Accord zu deemem Projet de loi ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, Merci, Här President. Och d'ADR wäert sech bei deemem Vott enthalen. Et ass en extrem komplexen technesche Projet. Mir hunn de Rapport eréischt de leschte Freide kritt. Et ass ganz einfach onméiglech, fir hei eng seriö Aarbecht ze maachen.

Ech wollt op eppes hiweisen, wat eis extrem wichteg schénkt, dat ass, wat d'Chambre de Commerce geschriwwen huet am Hibleck op zwou Jurisprudenzen vun eisen administrative Gerichtsbarkeeten, wou anscheinend gesot ginn ass, datt d'Recherche vum Avantage fiscal net dierft d'Motivation essentielle si vun deene Firmen, déi eng Demande d'intégration maachen. An d'Chambre de Commerce huet gefrot, datt mer sollen expressis verbis festhalen an den Documents parlementaires - an ech wëll dat dann och hei an der Debatt maachen -, datt nëmmen d'„conditions d'application objectives“ ze beuechte si vum Steieramt, ouni datt d'Motiver vum Choix d'äerfe geprëift ginn.